

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

De Bau vun der Vëlospist tëschent Ëlwen a Clierf verleeft zu engem groussen Deel laanscht déi
entspreechend Eisebunnsstreck. Fir d'Baustell an den Zuchtrafic ofzesécheren, goufen déi zwee
duerch en Drot vunenee getrennt.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung matdeelen iwwert wéi eng Gesamtlängt déi genannt Ofspärgung
sech erstreckt?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen ob an op wéi eng Manéier dem Wëldwiessel bei der
Installatioun vun dësem Drot Rechnung gedroe gouf? Falls keng separat
Moosname fir de Schutz vum Wëldwiessel virgesi wieren, kann d'Regierung da
matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vun der Ministesch fir
Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6304 vum 7. Juni
2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Kann d'Regierung matdeelen iwwert wéi eng Gesamtlängt déi genannt Ofspärung sech erstreckt?

Déi vum honorabelen Deputéierte genannten Ofspärung ass op Ufro vun der CFL op enger Längt vun zwee Kilometer tëschent Ischpelt an der Maulesmillen opgeriicht ginn. Duerch dës Moosnam kënnen d'Aarbechte vun der Stroossebauverwaltung parallel zum Zuchtrafic ausgefouert ginn. Aneschtens misst déi ganz Zuchstreck (Linn 10) gespaart ginn.

*Kann d'Regierung matdeelen ob an op wéi eng Manéier dem Wëldwiessel bei der Installatioun
vun dësem Drot Rechnung gedroe gouf? Falls keng separat Moosname fir de Schutz vum
Wëldwiessel virgesi wieren, kann d'Regierung da matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass?*

Fir de Wëldwiessel weiderhin ze garantéieren ass dës Ofspärung all honnert Meter ënnerbrach ginn. Dobäi huet dës Öffnung all Kéiers ee Meter.

Mam Wëssen datt et sech op dëser Plaz um eng provisoresch Ofspärung handelt, ass unzemierken, datt dës spéider duerch ee Gelänner aus Holz ersat gëtt, wat fir d'Wëld keen Hindernis duerstelt.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch